N° 4622
Reçue le 06.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.07.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 6. Juli 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De Jugendprisong Unisec ass permanent voll beluecht. Jugendlecher, déi grave Strofdote vollbréngen, kënnen net dohi bruecht ginn, well net genuch Plaz ass. Ee gudden Deel vun de Jugendleche sinn a ware laut Parquet ni Awunner vu Lëtzebuerg.

Dozou géif ech eng Rei Prezisioune froen:

1. Wéi vill Jugendlecher si vum 1. Januar 2021 bis den 1. Juli 2021 an der Unisec ënnerbruecht gewiescht?
2. Wéi deelen sech dës Jugendlech op - nom Land vun hirem Wunnsëtz, nom Alter an no der Nationalitéit?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4622 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Tëschent dem 1. Januar 2021 an dem 1. Juli 2021 waren 30 Jonker an der Unité de sécurité (Unisec) vum Centre socio-éducatif de l'État ënnerbruecht.

Ad 2)

Eng Opdeelung ergëtt:

- 9 Jonker haten déi lëtzebuergesch Nationalitéit, 11 Jonker haten d'Nationalitéit vun engem anere Land vun der Europäescher Unioun, 10 Jonker haten d'Nationalitéit vun engem Land ausserhalb vun der Europäescher Unioun;
- 21 Jonker ware lëtzebuergesch Residenten, bei 9 Jonke war de Pays de résidence net an aller Kloerheet ze determinéieren, well keng Identitéitspabeiere virlouchen;
- 3 Jonker waren den Ament vun der Admissioun 14 Joer al, 3 ware 15 Joer al, 13 ware 16 Joer al an 11 Jonker ware zum Zäitpunkt vun der Admissioun 17 Joer al. Ze beuechten gëllt datt, wa keng Identitéitspabeiere virleien, den Alter net genau bestëmmt ka ginn.